A2

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# Léisungen

## Kapitel 3

# Léisungen **Kapitel 3**

## *De Programm vum Dag* Säit 38-39

*1. Kuckt d'Biller a lauschtert. Geschitt dat an der Woch oder de Weekend? Ënnersträicht.* 39

Saz 1: Wochendag /**Weekend**

Saz 2: **Wochendag** / Weekend

Saz 3: Wochendag / **Weekend**

Saz 4: **Wochendag** / Weekend

Saz 5: Wochendag / **Weekend**

Saz 6: **Wochendag** / Weekend

Saz 7: **Wochendag** / Weekend

Saz 8: Wochendag / **Weekend**

Saz 9: Wochendag / **Weekend**


Saz 10: **Wochendag** / Weekend

*2. Lauschtert nach eng Kéier. Schreift d'Nummer vum Saz bei déi richteg Zeen op der Illustratioun.* 40

### *An der Woch*




### *De Weekend*



# Léisungen **Kapitel 3**

## *Wat maacht Dir moies?* Säit 40-41

*2. Liest dës Verben am Infinitiv. Sicht se am Text a schreift de Saz oder den Deel vum Saz.*

| | |
|---|---|
| umaachen: | **Ech maachen d'Kaffismaschinn un.** |
| fortfueren: | **Ech fueren all Dag um zéng vir aacht fort.** |
| sech wäschen: | **Ech wäsche mech.** |
| sech schminken: | **Ech schminke mech.** |
| ufänken: | **Ech fänke spéitstens um hallwer néng u mat schaffen.** |
| opstoen: | **Ech stinn all Dag um sechs Auer op.** |
| undoen: | **Ech di mäin Jogging un.** |
| sech undoen: | **Ech di mech un.** |
| zouspären: | **Ech spären d'Dier zou.** |
| heemkommen: | **Ech kommen um Véierel op siwen nees heem.** |
| erausgoen: | **Ech ginn eraus.** |

*4. Liest d'Konjugatiounsgedicht. Schreift e Konjugatiounsgedicht fir „sech undoen".*

Zum Beispill:

**sech undoen**

**Ech doe mech gär schick un.**

**Du dees dech gär relax un.**

**Hien deet sech gär elegant un.**

**Mir doen eis gär modern un.**

**Dir ditt iech gär almoudesch un.**

**Si doe sech gär extravagant un.**

# Léisungen **Kapitel 3**

## *Wat maacht Dir moies?* Säit 42

*6. Lauschtert an nummeréiert d'Biller an der richteger Reiefolleg.* *42*



Ech maachen d'Fënster op.



Ech doe mech un.



Ech maachen d'Tëlee un.



Ech fuere mam Auto fort.



Ech stinn op.



Ech dréchne mech of.



Ech raséiere mech.



Ech dusche mech.



Ech maachen d'Luucht aus.



Ech spären d'Dier zou.



Ech kucke mech am Spigel.



Ech kämme mech.

*7. Wat mécht hien? Schwätzt zu zwee.*

Zum Beispill:

\+ Hie steet um hallwer 6 op. Wat mécht hie fir d'éischt?
\- Hie mécht direkt d'Fënster op fir ze lëften. Wat mécht hien dann?
\+ Hie geet an d'Buedzëmmer a raséiert sech fir d'éischt. Duerno geet hien an d'Dusch. No der Dusch dréchent hie sech of, hien deet sech un an hie kämmt sech an hie kuckt sech am Spigel. Wat mécht hien duerno?
\- Hie geet an d'Kichen. Do preparéiert hien de Kaffi an hie mécht d'Tëlee un. Hie kuckt d'Noriichten. Wat mécht hien zum Schluss?
\+ Hie mécht d'Luuchten am ganzen Haus aus, hie mécht d'Fënsteren all zou an hie späert d'Dier zou. Da klëmmt hien an den Auto a fiert fort.

# Léisungen Kapitel 3

## *Wat maacht Dir moies?* Säit 42

*8. Wat fir eng Partikel passt? Schreift de Saz fäerdeg.*

Ech maachen all d'Luuchten **aus** a spären d'Dier **zou.**
Ech doe mäi Mantel **un** an da fueren ech **fort.**
Ech fänken um 9 mam Cours **un.**
Ech passen am Cours gutt **op.**
Nom Cours ginn ech nach **a**kafen. Duerno ginn ech erëm **heem.**

## *Wat maacht Dir moies?* Säit 44

*11. Kuckt d'Verben an der Këscht a fëllt den Text fäerdeg aus.*

- So, ass d'Lidia scho waakreg? Ech hunn hatt de Moien nach net gesinn.
- Jo, jo, hatt blockéiert zënter 20 Minutten d'Buedzëmmer. Hatt brauch all Dag méi laang! Wat mécht hatt nëmmen esou laang?
- O, dat ass ganz normal an deem Alter.
- Eng Stonn an der Dusch, dat fënns du normal?
- Hatt **duscht sech** jo net just. No der Dusch föönt hatt sech an hatt **kämmt sech**. Duerno wäscht hatt seng Zänn an hatt **schminkt sech**.
- Aha. Kann hatt dat net a senger Kummer maachen?
- Am Buedzëmmer ass d'Luucht besser an de Spigel ass méi grouss.
- Hatt **deet sech** och am Buedzëmmer **un**. Hues de dofir och eng Erklärung?
- Nee, mä du **dees dech** jo och ëmmer am Buedzëmmer **aus** an da leien deng Kleeder do um Buedem.
- Dat ass eng aner Saach.
- An du lauschters ëmmer de Radio am Buedzëmmer. Du **méchs** en **un**, mä du **méchs** en ni **aus**!
- Ok, ok. Keen ass perfekt!

*14. Wéi sinn d'Sätz richteg? Kombinéiert.*

| | | | |
|---|---|---|---|
| 1 | D'Claudia hëlt de Bus, | **4** | fir e Rendez-vous auszemaachen. |
| 2 | Mir decken den Dësch, | **7** | fir sech unzedoen. |
| 3 | De Paul geet an d'Buedzëmmer, | **2** | fir Kaffi ze drénken. |
| 4 | D'Madame Peters rifft an d'Crèche un, | **8** | fir d'Dier zouzespären. |
| 5 | Mäi Chef rifft den Eric an de Büro, | **3** | fir sech ze raséieren. |
| 6 | D'Joëlle rifft an de Restaurant un, | **9** | fir sech ze schminken. |
| 7 | D'Lidia geet a säin Zëmmer, | **1** | fir schaffen ze fueren. |
| 8 | Den Alex hëlt säi Schlëssel, | **10** | fir de Bus net ze verpassen. |
| 9 | D'Michelle sëtzt virum Spigel, | **5** | fir hien eppes ze froen. |
| 10 | De Jacques tommelt sech, | **6** | fir en Dësch ze reservéieren. |

# Léisungen Kapitel 3

## *Wat maacht Dir moies?* Säit 45

*15. Schreift d'Sätz fäerdeg. Vergläicht se duerno mat Ärem Noper.*

**Firwat?**

- Ech ginn an de Fitnessstudio, fir Sport ze maachen. An du?
- *Ech ginn an de Fitnessstudio, fir Muskelen ze kréien.*

Zum Beispill:
Ech maache Sport, **fir fit ze bleiwen.**
Ech drénken e Kaffi, **fir waakreg ze ginn.**
Ech ruffen den Dokter un, **fir eng Ordonnance ze kréien.**
Ech kafen en Zuchbilljee, **fir op Amsterdam ze fueren.**
Ech melle mech am Sproochecours un, **fir Japanesch ze léieren.**
Ech gi mat de Kanner an de Park, **fir e flotten Nomëtteg ze verbréngen.**

## *Aussprooch: Wuertbetounung* Säit 45

*1. Lauschtert d'Wierder a schwätzt se no. Wou si si betount? Ënnersträicht déi betount Silben.* 44

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| oppassen | ausdoen | akafen | verkafen | besichen |
| verléieren | umellen | aschreiwen | opreegen | bestellen |
| entschëllegen | mathuelen | ofdréchnen | vergiessen | |

*2. Lauschtert d'Sätz a schwätzt se no. Ënnersträicht d'Verben.* 45

Ech passen ëmmer op d'Kanner op.
Mir doen de Mantel aus.
Mir kafen am Supermarché an.
Hie verkeeft säin Auto.
D'Kanner besichen hir Grousselteren.
De Jos verléiert ëmmer seng Schlësselen.
Si melle sech fir de Cours un.
Mir schreiwen eis d'nächst Woch an.
Mir reegen eis iwwert d'Wieder op.
D'Claire bestellt e Kaffi an e Kichelchen.
Entschëllegt, wannechgelift, wéi vill Auer ass et?
Du hëls e Kaddo mat.
Hien dréchent sech of.
D'Jeanne vergësst säi Buch am Cours.
Ech ginn an d'Museksschoul, fir mech anzeschreiwen.
D'Kanner ginn an d'Altersheem, fir hir Grousselteren ze besichen.

# Léisungen **Kapitel 3**

## *Dem Christian säin Dag* Säit 46-47

### *1. Lauschtert den Text. Wou war de Christian haut schonn? Kräizt un.* 46

De Christian war schonn ...

- [x] an der Crèche
- [x] am Bistro
- [ ] am Reesbüro
- [ ] um Büro
- [ ] op der Bank
- [x] op der Post
- [x] um Passbüro
- [ ] op der Gare
- [ ] bei der Nopesch
- [ ] beim Bäcker

### *3. Lauschtert nach eng Kéier. Wuer muss de Christian nach goen? Kräizt un.*

De Christian geet nach…

- [ ] an d'Crèche
- [ ] an de Bistro
- [x] an de Reesbüro
- [x] op de Büro
- [x] op d'Bank
- [ ] op d'Post
- [ ] op de Passbüro
- [ ] op d'Gare
- [x] bei d'Nopesch
- [ ] bei de Bäcker

### *4. Lauschtert den Dialog. Ass dat richteg (R) oder falsch (F)? Kräizt un.* 48

| | R | F |
|---|---|---|
| 1. D'Marie war nëmmen doheem nervös. | ☐ | ☒ |
| 2. D'Marie war bis véier Auer an der Crèche. | ☒ | ☐ |
| 3. Hatt a seng Mamm waren duerno op der Spillplaz. | ☐ | ☒ |
| 4. Si waren am Supermarché. | ☒ | ☐ |
| 5. De Michel an de Christian waren um Ministère. | ☐ | ☒ |
| 6. De Christian brauch Vakanz. | ☒ | ☐ |

### *5. Klasséiert d'Plazen an de Këschtercher. Schreift se an déi richteg Kolonn.*

| Wou ass de Christian? | Wuer geet de Christian? |
|---|---|
| **Hien ass op der Aarbecht.** | **Hie geet op d'Spillplaz.** |
| **Hien ass an der Schoul.** | **Hie geet bei de Metzler.** |
| **Hien ass an der Apdikt.** | **Hie geet op d'Gemeng.** |
| **Hien ass am Zoo.** | **Hie geet op de Maart.** |
| **Hien ass beim Noper.** | **Hie geet an de Supermarché.** |

# Léisungen Kapitel 3

## An der Crèche Säit 48-49

2. *Lauschtert a liest d'Gespréich tëschent den Elteren. Wat fënnt d'Mamm wichteg a wat fënnt de Papp wichteg? Schreift en* M *oder e* P *bei déi richteg Krittären.* 49

| | | | |
|---|---|---|---|
| P | Méisproochegkeet | P | Andeelung vun de Gruppen |
| P | flexibel Auerzäiten | | Aktivitéiten dobaussen |
| M | Transport an d'Schoul | M | Iessen |
| M | Proximitéit | M+P | Präis |
| M | Gréisst vun de Gruppen | M | diploméiert Personal |

3. *Lauschtert den Dialog a liest d'Sätz. Ass dat richteg (R) oder falsch (F)? Kräizt un.* 50

| | R | F |
|---|---|---|
| D'Kanner ginn all Dag eraus. | | X |
| Si maachen eemol de Mount en Ausfluch. | X | |
| Vun 9 bis 11 Auer ass keen Accueil. | X | |
| Am Grupp fir Kanner vun 2-3 Joer ass nach Plaz. | | X |
| E Kand steet normalerweis sechs Méint op der Waardeléscht. | X | |
| Et schaffen am Moment just Fraen an der Crèche. | | X |
| De Präis steet um Formulaire. | | X |

4. *Liest a lauschtert. Fëllt d'Dialoger fäerdeg aus.* 51-55

1.
- An der Crèche maachen d'Kanner vill verschidden Aktivitéiten. Dat fërdert hir Kreativitéit!
- Jo, mä dat kann een och doheem maachen!

2.
- An der Crèche kréien d'Kanner vill sozial Kontakter. Dat ass gutt!
- *Jo, mä si hunn och* **vill Konflikter** *a si kréie* **vill Krankheeten**.

3.
- An der Crèche schaffe professionell Educateuren. Dat ass gutt fir d'Entwécklung an d'Erzéiung vun de Kanner.
- *Jo, mä an der Crèche ass just* **een Educateur** *fir e puer***Kanner**.


4.
- An der Crèche hunn d'Kanner e strukturéierten Dagesoflaf.
- *Jo, mä den Dagesoflaf an* **d'Reegele** *sinn* **anescht** *wéi* **doheem**.

5.
- Wann d'Kanner an d'Crèche ginn, hunn d'Eltere méi berufflech Flexibilitéit.
- *Jo, mä* **d'Crèche ass deier**.

# Léisungen **Kapitel 3**

## *An der Crèche* Säit 48-49

*5. Wat ass positiv a wat ass negativ an der Crèche? Liest a klasséiert d'Vir- an d'Nodeeler. Maacht e Feil bei de Plus oder bei de Minus.*



# Léisungen Kapitel 3

## *Am Veräin* Säit 50-51

*2. Fannt d'Froen zu den Äntwerten. Vergläicht mat Ärem Noper.*

**Wat fir e Sport mécht d'Caroline gär?**
Hatt turnt gär.
**Wéi laang ass de Charel schonn an der Fanfare?**
Hien ass zënter enger Woch an der Fanfare.
**Wat fir en Instrument spillt de Charel?**
Hie spillt Trompett.
**Wat fir en Instrument spillt d'Nora?**
Hatt spillt keen Instrument.
**Wou fënnt een d'Informatioune fir d'Veräiner?**
Et fënnt ee se op der Internetsäit vun der Gemeng.
**A wat fir engem Veräin sinn d'Zwillingen?**
Si sinn an de Scouten.

*3. Lauschtert d'Texter. Iwwert wat fir ee Veräin schwätzen d'Persounen? Schreift d'Nummer bei dee richtege Veräin.* ***57***

| Veräin | Persoun |
|---|---|
| sozial Associatioun | 4 |
| Sportsclub | 2 |
| Scouten | 3 |
| Musek | 1 |

*4. Lauschtert nach eng Kéier. Notéiert positiv an negativ Argumenter (a Stéchwierder), fir Member an engem Veräin ze ginn. Vergläicht se zu zwee.* ***58-61***

positiv: **vill Zäit matenee verbréngen, reegelméisseg trainéieren, vill Spaass, vill Frënn, Integratioun, vill Sprooche schwätzen**

negativ: **vum Léieren ofhalen**

*6. Liest d'Texter nach eng Kéier. Wat fir e Problem hunn déi dräi Clibb? Markéiert.*

**Si hunn all e Problem, nei Memberen ze fannen.**

*Am Text:*
Eis Presidentin huet Problemer, déi Jonk vun haut ze motivéieren, fir an de Veräin ze kommen.
Mä d'Konkurrenz ass grouss. Vill Kanner hunn einfach ze vill um Programm.
Leider engagéiere sech awer ëmmer manner Leit. Déi meescht hu keng Zäit.

# Léisungen Kapitel 3

## *E Rendez-vous* Säit 52

*2. Liest den Dialog nach eng Kéier a fëllt dem Martha säin Agenda fäerdeg aus.*




*3. Firwat maache si kee Rendez-vous fir dës Woch aus?*
*Kuckt am Agenda a schwätzt zu zwee.*

En Dënschdeg den Owend geet d’Martha mat enger Frëndin an den Theater.
E Mëttwoch **huet de Julien keng Zäit.**
En Donneschdeg den Owend **geet d’Martha an e Fitnesscours.**
E Freideg den Owend **huet hatt en Aarbechtsiessen.**
De Weekend **geet d’Martha an de Beetebuerger Park, bei d’Grousselteren an op e Concert an d’Rockhal.**
An der Mëttesstonn **huet d’Martha vill Rendez-vousen.**
**En Dënschdeg geet hatt mam Hond bei de Véidokter, e Mëttwoch trëfft hatt sech mat enger Frëndin an en Donneschdeg ass hatt de ganzen Dag op enger Konferenz.**